Léif Visiteure vum Bealtaine Festival 2024,

Als nohaltege  Festival probéiere mir eisen ekologesche Foussofdrock esou kleng wéi méiglech ze halen an eise Ressourcëverbrauch ze reduzéieren. Dozou gehéieren  eng ganz Rei Krittären déi mir als Organisateur ëmsetzen:

## Organisateur:

- Eis Dekoratioun besteet aus upcycelten, recycléierten oder recyclabele Materialien
- Mir verzichten esou wäit et geet op Plastik
- Paperless esou gutt et geet
- Eis Plakater a Flyere ginn op recycléierte Pabeier gedréckt
- Schëlder a Markéierunge fir d'Offalltrennung
- A groussen Deel vun eise Produiten déi mir ubidden si bio,lokal,regional oder Fairtrade
- Mir bidde fir all Fleeschmenüer eng vegetaresch/vegan Alternativ un
- Gratis Drenkwasserstatioun fir är Bidongen/Gedrénksfläschen ze féllen
- Ekologescht Botzmaterial
- Keng Eewee-Artikelen. Fir all d'Iesssaache gouf Mehrweggeschir (Besteck,Telleren,Holzbriedecher)agefouert a fir Gedrénks Mehrweg-Becheren,-Glieser an -Tasen
- Mir bidde bei der Entrée vum Site Vëlosstänneren un
- Gratis Busnavette bei der Gare zu Mënsbech an op a puer Busarrêten am Parc d'activité Syrdall am 15 Minuttentakt bis bei Entrée vum Festival
-  Just ee Parking Payant 800m vum Festivalsite

## Visiteur:

- Benotzt w.e.g den ëffentlechen Transport bis an Gemeng, vun do aus bidde mir Gratis Busnavetten un
- Verzicht w.e.g op Plastikstuten fir är Akeef a bréngt an Dagesrucksack mat
- Wéinst de Manktem u Parkplazen um Parking Payant, recommandéiere mir och de Covoiturage
- Benotzt w.e.g eis Poubelle fir den Dréck, eise Bësch an Natur soe Merci

Méi Informatiounen op www.greenevents.lu